DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 31. Januar 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„D'Buslinn 136, déi vu Konstem iwwer Lëpschent, Méchela an Ierpeldeng/Sauer bis op Ettelbréck fiert, ass moies fréi aktuell sou ausgelaascht, dass de Bus komplett iwwerfëllt ass. Et sief ze präziséieren, dass am Moment just e Mini-Bus mat enger Kapazitéit vu 15 Sëtzplazen op där Linn agesat gëtt.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Usagere ginn op der Linn 136 den Dag gezielt a wéi sinn se pro Duerf, dat ugefuer gëtt, verdeelt?*
- *Ass et eventuell méiglech fir déi aktuell Kapazitéit vum (Mini-)Bus an de Moiesstonnen eropzesetzen?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten